

**Kopie als Informatioun un dei national Presse an Radio**

**CSV** - Fraktiounspresident  
**LSAP** - Fraktiounspresident  
**DP** - Fraktiounspresident  
**Déi Gréng** - Fraktiounspresidentin  
**ADR** - Fraktiounssekretariat  
**Déi Lénk** - Sensibilité politique à la Chambre des Député(e)s  
**Piratenpartei**

Mensdorf, 25. Oktober 2018

Dir Dammen, Dir Hären,

**No de Wahlen ass virun der neier Regierung.**

Op dësem Wee gratuléiere mir de Memberen vun der neier "Chambre des Députés" zu hirer Wahl, an erënneren si drun dass mir déi Meescht vun de folgenden Themen, déi ons um Häerz leien, an den diverse Wahlprogramme vermësst hunn:

- Een eenzegen zoustännege Ministère, oder zumindest ee Coordinateur fir de gesamten Behënnerungssecteur
- Inclusioun an der Famill, Schoul, Aarbechtswelt, Fräizäit, a bei sozialen/sportlechen Aktivitéiten
- Reell inklusiv Schoul fir Jiddereen
- Qualifizéiert Ausbildungsweeër
- Life Long Learning (25 + )
- Besser Begleedung an den Aarbechtsmaart
- Erofsetzen vum Pensiounsalter a flexibel Aarbechtzäiten fir Mënschen mam Statut "travailleur handicapé" um 2. Aarbechtsmarché (Ateliers protégés)
- Revisioun vum RPGH (revenu pour personnes gravement handicapés)
- Verbesserungen beim ADAPTO an am öffentlechen Transport
- Urechnen vum Mentalen Handicap bei der Assurance Dépendance
- Perséinlech Assistenz endlech erméiglechen
- Spezielle Congé fir „aidants informels“, am Fall vun längerer Krankheet
- Encadrement am Fall vun Hospitalisatioun
- Abezéien vum "Handicap invisible"
- Anhale vun de Quoten
- Revisioun vum aktuellen Tutellengesetz
- Accessibilitéit vun Neibauten
- Inklusiv Wunnkonzepter, fir all Matbierger
- Autonoomt Wunnen duerch Baudirektiven fërderen
- Iwwerdenken vum Fonctionnement vun de Foyeren, Atelieren, och do Autonomie fërderen
- Selbstbestëmmt Liewen iwwerhaupt mol erméiglechen
- Respektéieren vun der UN-BRK

Mir hoffen, dass des Sujete bei de Koalitioungespräicher berécksiichtegt ginn.


Selbstverständlech sti mer der neier Regierung zu Verfügung fir eis an den ugekënnegten Dialogen vu Sozial- a Koalitiounspartner mat konstruktiven Proposen ze bedeelegen.

Matt beschte Gréiss,

Trisomie 21  
Martine Eischen



ALPEED  
Marco Wotipka



**Kopien** ginn un d'national Press an Radio an un den ORK geschéckt.